N°448
Entrée le 08.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.03.2024

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chambre des Députés**

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zu de Subventioune bei Wärmepompelen un den Här Energieminister an den Här Ëmweltminister weider ze leeden.

Onsen Informatioune koum et an der rezenter Vergaangenheet zu gréissere Verzögerunge beim Traitement vun Dossier'e bezüglech der Subventionéierung vu Wärmepompelen. Nodeems eng Demande am Mäerz 2023 an den Accusé de réception am Abrëll 2023 erausgeschéckt goufen, waarden di betraffe Leit bis haut nach op eng Decisioun vun der Administratioun. Vue dass d'Uschafung vun enger Wärmepompel oder enger PV-Anlag eng gréisser Investitioun ass, sinn d'Leit zum Deel och op déi Suen ugewisen.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Ministere stellen:

- Kënnen d'Ministere confirméieren, dass et zu Verzögerunge bei der Decisioun fir d'Subventionéierung vu Wärmepompelen komm ass?
- Wann jo, wat sinn d'Grënn heifir a wéi wëll een an Zukunft sou Verzögerunge verhënneren?
- Wat sinn aktuell déi aktuell Delai'en bis en Dossier traitéiert gouf? Kënnen d'Ministeren dëst wegl. eenzel oplëschte fir Wärmepompelen, fir Solarthermie, a fir PV-Anlagen?

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Françoise Kemp

Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

N°448
Entrée le 22.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°448 vum 8. Mäerz 2024 vun der éierewäerten Deputéiert Madamm Françoise Kemp iwwert "Paiement de la prime pompe à chaleur"**

**1. Kënnen d'Ministere confirméieren, dass et zu Verzögerunge bei der Decisioun fir d'Subventionéierung vu Wärmepompelen komm ass?**

Jo.

**2. Wann jo, wat sinn d'Grënn heifir a wéi wëll een an Zukunft sou Verzögerunge verhënneren?**

Bedéngt duerch de grousse Succès vun de Subside vum "Klimabonus Wunnen" si vill méi Demanden erakomm wéi initial erwaart a féieren zur Zäit zu engem méi laangen Delai. Dëst gëllt speziell fir d'Subsiden am Beräich vun der Photovoltaik, Solarthermie a Wärmepompelen. Intensiv Beméiunge fir d'Delaien sou kuerz wéi méiglech ze halen si weiderhin eng grouss Prioritéit an der Ëmweltverwaltung. Mëttlerweil kënnen d'Dossieren och iwwert MyGuichet déposéiert ginn, wat hëlleft dass d'Dossiere generell méi komplett sinn.

Wéi am Koalitiounsaccord virgesinn, wäert d'Virfinanzéierung vun de Klimasubsiden agefouert ginn, fir datt d'Bierger nëmmen hiren Deel bezuele mussen. An deem Kontext wäert d'Regierung och dofir suergen, datt déi betraffe Betriber bannent kuerzer Zäit déi virgesinne staatlech Subside kréien. Et ass geplangt, esou ee Virfinanzéierungsmechanismus an enger éischter Etapp fir Photovoltaikinstallatiounen anzeféieren.

**3. Wat sinn aktuell déi aktuell Delaien bis en Dossier traitéiert gouf? Kënnen d'Ministeren dëst wgl. eenzel opläschte fir Wärmepompelen, fir Solarthermie, afir PV-Anlagen?**

Zur Zäit leien d'Delaie bei engem Joer wat technesch Installatiounen ugeet. Et gëtt keen Ënnerscheed gemaach tëschent Photovoltaik, Solarthermie oder Wärmepompelen. Weider Informatiounen heizou goufen an der Äntwert vum 27. Februar 2024 op d'parlamentaresch Fro 181 duergeluecht.

Lëtzebuerg, de 19. Abrëll 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit